

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel „*Angst vor britischen Verhältnissen*“, den de 4. Januar am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg aktuell am Gaangen ass lues awer sécher mat engem Mangel u Camionschauffeure konfrontéiert ze ginn, deen déi nächst Joren weider wäert zouhuelen. Nieft dem bekannte Probleem vun der EU-Reform vun de Cotisatioune no Wunnsätz bei Berufsschauffeuren, gi véier weider Beräicher ugefouert, déi d'Situatioun weider verschäerfen:

- Déi dacks Baustellen op de Raststätte laanscht d'Autobunnen. Oft kommen d' Fuerpläng vun de Firmaen duercherneen, well de Chauffeur seng virgeschriwwen Pausen a Rouzäiten ënnerwee net sou anhale ka wéi geplangt, well déi entspreichend Raststätte onerwaart duerch e Chantier blockéiert oder ageschränkt ass.
- Den héijen Ausbildungsalter vun 21 Joer
- Déi laang Waardezäite bis zur Formatioun um Colmer-Bierg, vun aktuell ronn 10 Méint
- Déi ganz komplizéiert COVID-Restriktiounen, déi notamment fir Chauffeuren aus Osteuropa vill Zousazopwand bedeuten, well si dacks mam Sputnik geimpft sinn, deen si zu Lëtzebuerg net unerkannt kréien an hei op der Plaz Schwieregkeeten hunn, fir mat hirem Camion bis bei en Testzentrum ze kommen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) A wéi engem Délai ginn d'Baustellen op de Raststätte laanscht d'Autobunnen (sauf urgence) geplangt an un déi betraffe Firmaen, respektiv eng zoustänneg Koordinatiounsinstanz kommunizéiert, fir, datt d' Faarte mat den obligatoreschen Paus- a Rouzäite vun de Chauffeuren zouverlässeg am Virus geplangt kënnen ginn?
- 2) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt jonk Leit de Camionsförschäin zu Lëtzebuerg réischt mat 21 Joer kënnen maachen? Entsprecht dës Norm där vun eisen Nopeschlänner? Falls net, gëtt eng zäitno Gesetzesännerung envisagéiert?
- 3) Plangt d'Regierung eng zäitno Erhéijung vun de Kapazitéite vum CFC um Colmar-Bierg? Falls net, firwat net?
- 4) Kéint d'Regierung sech eng sektoriell Unerkennung vun Impfzertifikater virstellen, déi iwwert déi hei am Land allgemeng unerkannten Impfzertifikater erausgeet, dat méiglecherweis och ënner Konditiounen, zum Beispill, datt déi Impfzertifikater déi op Basis vum Sputnik V ausgestallt goufen, nëmmen am Kader vun der Ausübung vu berufflechen Aktivitéite gültig sinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten